**Budgetsried – Budget 2019**

Pierre Gramegna, 5.3.2019

# "D'Weiche richteg stellen."

Seul le discours prononcé fait foi

Här President,
Léif Regierungskollegen,
dir Dammen an Hären,

Ech hunn de Moien de Budget a Form vun enger **Visitëkaart mat engem QR Code** dem Chamberspräsident iwwerreecht. Eng Visitëkaart, well dëse Budget d'Visitëkaart ass vun eisem Land an **d'Spigelbild vun där Politik**, déi d'Regierung déi nächst 5 Joer maache wëll. Ee Budget, deen d'Zukunft vum Land virbereet an ee wichtegen Deel vum Regierungsprogramm ëmsetzt.

Wéi de Premierminister den 11. Dezember 2018 den Regierungsprogramm hei an der Chamber virgestallt huet, huet hie gesot : "et ass e Programm vun der **Wäitsiicht**, der **Gerechtegkeet**, der **Nohaltegkeet**, der **sozialer Kohesioun** an der **Kompetitivitéit** vun eisem Land". Dat gëtt an dësem Budgetsprojet verwierklecht.

De Budget 2019 **baséiert op de gudde Resultater** vun der Finanzpolitik vun deene leschte fënnef Joer, a **stellt d'Weichen fir déi nächst fënnef Joer**.

Ech wëll dofir **fir d'éischt iwwer eis Ausgangspositioun** schwätzen, an dann op **d'Prioritéiten fir 2019** an d'Joren duerno agoen.

# <u>I. Wou sti mer haut ?</u>

## ***a. Eng zolidd finanziell Basis***

Um Ufank vun der leschter Legislaturperiod, Enn 2013, stoung Lëtzebuerg **viru groussen Erausfuerderungen**. Ech erënnere just un déi permanent Defiziter an der Administration centrale, un d'Perte vun de Recetten vum Commerce électronique, d'Enn vum Bankgeheimnis, an déi schwaarz Lëscht vun der OCDE. Lëtzebuerg huet deemools riskéiert d'Kritären vum Stabilitéits-Pakt net méi ze respektéieren an säin AAA ze verléieren.

**Mir hunn eis deenen Erausfuerderunge gestallt.** D'Budgetspolitik vun deene leschte 5 Joer huet een **duebelt Ziel** verfollegt : d'Land moderniséieren duerch héich Investissementer, an d'Finanzen erëm op zolidd Féiss stellen. Dat ass eis gelongen.

Déi lescht Legislaturperiod hate mer all Joer ee positiven Écart tëscht de Previsiounen vum Budget an dem Compte. Dat heescht, **den Defizit louch ëmmer méi niddereg wéi geplangt**. 2014, 2015, 2016 an 2017 louche mer ëmmer no beim Equiliber. D'lescht Joer, 2018, wäerte mer **fir d'éischt Kéier säit 10 Joer erëm schwaarz Zuele** schreiwen an der Administration Centrale.

Den **AAA mat stabiller Perspektiv** gouf an deene leschte Méint vun allen Rating-Agence confirméiert. Dat ass also **eng zolidd Basis**, op där mir fir déi nächst 5 Joer opbaue kënnen.

*Déi gutt Resultater, vun deenen ech grad geschwat hunn, sinn awer net eleng d'Resultat vun enger richteger Finanzpolitik. Si gouf och begënschtegt duerch eng gesond wirtschaftlech Situatioun.*

### *b. Eng gesond wirtschaftlech Situatioun*

Lëtzebuerg hat **déi lescht 5 Joer eng Croissance vun an der Moyenne ronn 3% d'Joer**. Dat läit ënnert der Moyenne vu virun der Krise, mä ëmmer nach iwwer där vun deenen meeschten aneren EU Länner.

Et ass **ëmmer schwiereg Viraussoen** Joer fir Joer ze maachen, besonnesch fir e klengt, oppent Land wéi Lëtzebuerg. Dofir ass et besser, op **mëttelfristeg Tendenzen** ze kucken. Mir wëssen, dass et **Risiken** ginn, déi nëmme schwéier ze kalkuléiere sinn.

Ofgesinn vun de villen internationalen Konflikter a Kricher géing ech folgend wiertschaftlech **Risiken** beschreiwen :

- den Impakt vum Brexit;
- den Handelskonflikt tëscht den USA a China, an tëscht den USA an der EU;
- de Protektionismus, deen uechter d'Welt ëmmer méi Unhänger fënnt;
- déi weider Evolutioun vun de Bourssen, déi an der lescht staark variéiert hunn;


Et ginn och eng ganz Rei Indikatiounen, dass **déi international Konjunktur méi lues** dréit, an dës Tendenz kéint sech iwwert déi nächst Méint nach verstäerken.

De **Statec** huet all des Facteure mat agerechent, an ass zu de folgende Conclusioune komm :

Fir 2019 rechent de Statec an der Eurozone mat enger **Croissance** vun 1,5% d'Joer. Fir Lëtzebuerg awer mat 3% Croissance fir 2019; 2020 mat enger Progressioun op 3,8%, 2021 mat 3,5% an 2022 erëm mat 3%.

Eis Croissance bleift also an deenen ***Paragen*****, déi mer schonn déi lescht Jore kannt hunn,** a wiisst **duebel esou séier** wéi d'Moyenne vun der EU.

*Graphique 1*




Mir wëssen awer, dass de PIB fir Lëtzebuerg nët ëmmer deen eenzegen Indicateur ass.

Déi gutt wirtschaftlech Situatioun kann een **och aus anere Kritären** erausliesen:

- **D'Steierrecetten vum Staat** entwéckele sech weider gutt.
- De **Chômage** geet säit Jore kontinuéierlech erof. E wäert dëst Joer ënner 5% falen, an d'Joren duerno weider erofgoen.

Graphique 2




- Wat d'**Inflatioun** ugeet, déi wäert déi ganz Period bis 2022 tëscht 1,7% an 1,5% leien.

D'Analyse vum Statec weist och, dass **d'Consommatioun vun de Stéit** mat enger Hausse vun 4-5% an de Joren 2018 an 2019 rëm sou héich läit wéi virun der Kris. Fir de Statec ass dëst och eng Konsequenz vun der Steierreform vun 2017, wou besonnesch déi méi Schwaach an d'Mëttelschicht méi Kafkraaft kruten.

Parallel dozou goufen d'Investissementer déi lescht 5 Joer sou héich gehal wéi nach ni.

Dëst ënnersträicht, dass déi gutt Konjunktur vun de leschte Joeren **net eleng dem positiven internationalen Ëmfeld geschëllegt ass, mä och de Verdéngscht ass vun där équilibréierter an dynamescher Finanzpolitik**, déi d'Regierung gemaach huet.

An deem Sënn wëlle mer déi nächst 5 Joer weiderfueren, **de Wuesstem finanzpolitesch ze begleeden**. Grad wann dat internationaalt Ëmfeld méi schwiereg gëtt, sou wéi dat déi nächst Joren wäert de Fall sinn, ass et **wichteg, dass de Staat d'Weiche richteg stellt**, fir d'Leit an d'Entreprisen do ze ënnerstëtzen, wou et sënnvoll ass.

## II. D'Prioritéiten fir 2019

*Wéi de Regierungsprogramm, steet och de Budget ënnert dem Zeechen vun der **sozialer Kohesioun** an der **Gerechtegkeet**, vun der **Kompetitivitéit** an der **Nohaltegkeet**.*

*Ech wëll dës 3 Prioritéiten mat Beispiller illustréieren.*

### A. E Budget vun der sozialer Kohesioun an der Gerechtegkeet

Wann et zu Lëtzebuerg, anescht wéi an anere Länner an Europa, **nëmme wéineg sozial Onrouen a Manifestatioune** gëtt, dann och, well déi sukzessiv Regierungen ëmmer drop geuecht hunn, dass **d'Schéier tëscht Aarm a Räich** net soll ze wäit ausernee goen, an **déi Schwaachst an eiser Gesellschaft**, do wou et néideg ass, vum Staat ënner d'Äerm gegraff kréien.

*Och am Budget 2019 sinn entspriechend Mesure virgesinn.*

*1. Steierlech Mesuren*

Mam Budget 2019 gëtt **d'Augmentatioun vum Mindestloun ëm 100 EUR netto de Mount** ëmgesat. Mir maachen dat iwwert de Wee vun der Aféierung vun engem "crédit d'impôt salaire social minimun", deen retroaktiv op den 1. Januar 2019 a Kraaft trëtt. Parallel geet den Mindestloun brutto em 2% erop. Zesummen ginn dat 100 EUR netto.

Dës Mesure **kaschten de Staat ronn 60 Mio EUR d'Joer**, mä dat si Suen, déi ech als Finanzminister ganz gär investéieren. Et ass een Investissement an d'sozial Kohesioun, an d'Kafkraaft, an domat an d'Liewensqualitéit vun de betraffene Leit. Et ass no der Steierreform vun 2017 eng weider steierlech Mesure, déi grad deene Schwaachen an eiser Gesellschaft besonnesch entgéingt kënnt.

*Iwwermuer, den 7. März, maachen ech zesummen mam Minister Dan Kersch eng* ***Pressekonferenz, fir d'Modalitéiten vun der Hausse vum Mindestloun a vun de Steierkrediter*** *am Detail ze erklären.*

Eng aner Mesure am steierleche Beräich, déi mam Budget agefouert gëtt, ass **d'Erofsetzen vun der TVA op Hygiènes-Produiten,** wéi zum Beispill Tamponen a Binden, **op eisen niddregsten Taux, den Taux *super-réduit* vun 3%**. D'Regierung kënnt domat enger berechtegter Fuerderung vu ville Fraen no.

## *2. Aner Mesuren*

Et ass d'Ambitioun vun der Regierung, dofir ze suergen, dass **all Mënsch een vollwäertegen Deel vun eiser Gesellschaft** ka sinn.

### a. Familljen- a Schoulpolitik

Hei geet et drëm, op déi konkret Besoinen vun de jonke Famillen anzegoen, an d'Kanner sou gutt wéi méiglech op d'Liewen virzebereeden.

- **D'Reform vum Congé parental huet den Nerv vun der Zäit getraff**. Haut huet all Elterendeel d'Méiglechkeet, méi Zäit mat sengen Kanner ze verbréngen, genau dann wann et am Wichtegsten ass. De grousse Succès vum Congé parental spigelt sech och am Budget erëm, deen op dësem Punkt 43% erop geet (op 237 Milliounen EUR fir 2019).
- Komplementär zu dëser Mesure sinn och d'**Chèques services accueil** reforméiert ginn. All Famill huet haut d'Recht op eng 20 Stonnen gratis Kanner-Betreiung pro Woch. Och dës Reform wäert am Joer 2019 weidergefouert ginn, an dofir geet den entspriechende Budget em 9,46% erop (op 421 Milliounen EUR fir 2019).
- Zu enger gerechter Gesellschaft gehéiert, dass <u>all</u> Kanner déi selwecht Startchancen an d'Liewe kréien. Och déi Kanner, déi mat emotionale Schwieregkeeten oder Verhalensstéierungen geplot sinn. Fir de **psycho-**

**sozialen Encadrement vun Schüler mat spezielle Besoinen** sinn 2019 dofir 18% méi Moyenen virgesinn wéi 2018.

De **Budget vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend** klëmmt 2019 fir d'éischte Kéier op **iwwer 2,5 Milliarden EUR**. Dëst ënnersträicht de Stellewäert vun de Kanner an de Jugendlechen an eiser Gesellschaft.

**b. Aarbechtslosegkeet**

*De Chômage zu Lëtzebuerg geet säit Jore konstant erof a läit elo ënnert 5%. E gehéiert domat zu deenen niddregsten an der EU. Trotzdem leet d'Regierung d'Hänn net an de Schouss :*

- Mat der Reform vum Revenu d'Inclusion Sociale (**REVIS**), déi d'lescht Joer a Kraaft getrueden ass, kréien déi betraffe Leit nach besser gehollef, **op eegene Féiss ze stoen**. D'staatlech Participatioun fir den Encadrement vun de Bénéficiairen vum REVIS geet 2019 em +27% erop.
- Iwwert de Fonds pour l'emploi gëtt net nëmmen d'Arbechtslosegeld finanzéiert, mä och eng ganz Rei Mesuren, fir de Leit hir Chancen um Aarbechtsmaart ze verbesseren. De Budget fir déi Mesuren, zu deenen zum Beispill och de Programm "**Luxembourg Digital Skills Bridge**" gehéiert, geet 2019 +10% an d'Luucht.
- D'Mëttel fir dem **Chômage bei den Jugendlechen** entgéintzewierken ginn souguer nach méi substantiell erop, an zwar ëm 45%.

**c. Eeler Leit**

*Wann ee vun deenen Jonke schwätzt, däerf een och eis eeler Matbierger net vergiessen.*

**D'Strategie "Active Ageing"** dréit dozou bäi, dat physescht, mentaalt an soziaalt Wuelbefannen vun den eeleren Leit ze favoriséieren an hir Bedeelegung um ekonomeschen, kulturellen, sozialen an sportleche Liewen ze férderen.

2019 gëtt och weider an **Infrastrukture fir eeler Leit** investéiert, sou zum Beispill an déi nei *Maisons de soins* zu Käerjeng an Déifferdeng, mat 201 respektiv 200 Better. Bis 2022 wäerten an dësem Beräich am ganze ronn 120 Milliounen EUR investéiert ginn.

**d. Handicap**

De Regierunsprogramm gesäit eng ganz Panoplie vu Mesure vir, déi dozu bäidroen, **dass eis handicapéiert Matbierger voll um Liewen deelhuele kënnen**. Ech denken do zum Beispill un de Gesetzesprojet iwwert d'Accessibilitéit vun den ëffentlechen Gebaier an d'Schafen vun enger "Assistance à l'inclusion" fir handicapéiert Matbierger déi eng Aarbescht sichen.

Dës Efforten fanne sech och am Budget erëm :

- **D'Part vum Staat um Finanzement vun de konventionéierte Servicer fir handicapéiert Matbierger** geet vun 2018 op 2019 ëm +19% erop.
- D'Participatioun vum Staat um Finanzement vun de **Fonctionnementskäschten vun den Ateliers protégés** geet +7,5% an d'Luucht, an wäert och déi nächst Joren weider wuessen.

## e. Logement

De Logement gehéiert zu de grousse Prioritéite vun der Regierung.

Entspriechend geet **de Budget vum Wunnengsbauministère 6,8% erop**.

- D'Subventiounen fir “Logements locatifs sociaux” an “Logements à coût modéré" ginn 17,4% an d'Luucht.
- D'Dotatioun vun der **Société Nationale des Habitations à Bon Marché** (SNHBM) geet 40% erop.

## f. Sport a Kultur

Kultur a Sport si wesentlech fir den Zesummenhalt vun eiser Gesellschaft.

- **Kultur** : de Budget vum Kulturministère geet 15% erop par rapport zu 2018. Heivunner profitéieren virun allem déi staatlech Kulturinstituter; d'Artisten, déi vum Staat ënnerstëtzt ginn; a Projeten wéi Esch 2022. Ausserdeem ginn zousätzlech Renovatiounsaarbechten finanzéiert, zum Beispill um Schlass zu Befort; an Ausgruewungen, wéi déi um archeologesche Site zu Schieren.

- **Sport** : hei ass virun allem d'Ënnerstëtzung fir d'Sportsclibb ervirzesträichen, déi +21,5% an d’Luucht geet. Och den Elitesport wäert weider ënnerstëtzt ginn.

**g. Entwécklungshëllef a Flüchtlingen**

*Sozial Kohesioun hält nët op eise Grenzen op.*

Dofir hält d'Lëtzebuerger Regierung dru fest, **1% vum RNB - vum Revenu National Brut - an d'Entwécklungshëllef** ze investéieren. 2019 sinn dat 420 Milliounen EUR, also 6% méi wéi nach 2018.

D'Entwécklungshëllef ass och dofir sou wichteg, well mer wëllen, dass d'Liewenskonditiounen besser ginn an deene Länner, aus deene vill vun de Flüchtlingen hierkommen. D'Mënschen mussen och **an hirer Heemecht Zukunftschance** gesinn.

Leider gesinn haut awer ëmmer nach vill Mënsche keen anere Choix, wéi **vun doheem ze flüchten, a bei eis an Europa Asyl ze froen**. Wann en Deel vun dëse Leit zu Lëtzebuerg ukommen, mussen se uerdentlech encadréiert - an integréiert - ginn. An déi, déi d'Kritären net erfëllen, mussen och erëm rapatriéiert ginn.

Am Juli 2018 huet d'Regierung de *Plan d'Action National d'Intégration* ugeholl, an am Februar dëst Joer gouf an der Chamber de Projet de loi déposéiert, mat deem den neien *Office national de l'Accueil* wäert geschaf ginn. Den Staat wäert och weider an déi néideg Strukturen investéieren. Sou zum Beispill an d'Renovatioun vum Centre Heliar an der Weilerbach an de Bau vun enger neier Struktur zu Fréiseng. Dës Efforten spigelen sech och am Budget erëm.

*Fir all des Mesuren ze finanzéieren brauch de Staat Recetten. An déi kritt en nëmmen, wann d'Ekonomie dréit, also international kompetitiv ass.*

## B. E Budget vun der Kompetitivitéit

*An der Vergaangenheet gouf d'Kompetitivitéit vum Land oft op d'Fro vun der Fiskalitéit reduzéiert. Si ass wuel een Deel vun der Equatioun, awer nach laang net alles. Dat gesäit een och am Budget.*

1. *Fiskalitéit vun den Entreprisen*

Op den 1. Januar 2019 geet d'**Besteierung vun den Entreprisen um Niveau vum IRC vun 18 op 17% erof**. Gläichzäiteg geet de Montant, bis deen de reduzéierten Taux vun 15% gëllt, vun **25.000 op 175.000 EUR** erop. Dës Mesuren hëllefen all den Entreprisen, a **besonnesch de Start-Upen an dem Mëttelstand**. Den direkte Käschtepunkt vun dëser Mesure läit bei ronn 50 Milliounen EUR vun 2020 un.

Sou wéi mer dat schonn am Kader vun der Steierreform mat Reduktioun vum IRC vun 21% op 18% gemaach hunn, reagéiert Lëtzebuerg domat op **déi progressiv Erweiderung vun der Steierbasis duerch d'Ëmsetzen vun de BEPS Mesuren an der ATAD** (anti-tax-avoidance) Direktive. D'Regierung huet sech an hire Programm geschriwwen, dass mir d'Entwécklung op deem Gebitt och weider genee am A halen, an dofir suerge wäerten, dass **déi effektiv Steierlaascht** vun den Entreprisen **net eropgeet** déi nächst Joren.

**Dobäi geet et net drëm Dumping ze maachen**. Lëtzebuerg huet an deene leschte Joren grouss Efforte gemaach, fir all déi international Regelen ze respektéieren, an ass vun de schwaarze Lëschten erofkomm. Dës Efforten ginn vun eise Partner och unerkannt. An hirem leschte "Country Report" schreift d'europäesch Kommissioun : “**Luxembourg is acting to curb aggressive tax planning through the implementation of European and internationally agreed initiatives.”**

An hirer **Motioun vum 18. Dezember 2018** hat d'Chamber d'Regierung opgefuerdert fir de Lëtzebuerger Firme-Gruppen déi sech am **Régime vun der Intégratioun fiscale** befannen, d'Méiglechkeet ze ginn, fir déi sougenannten „Zinsschranke" vun der ATAD-Direktive um Niveau vum Grupp ze applizéieren. Mam Budgets-Gesetz kënnt d'Regierung dëser Opfuerderung no, a féiert dës Optioun an d'lëtzebuerger Steiergesetzgebung an, retroaktiv op den 1. Januar 2019. Dat ass eng **gutt a wichteg Mesure, fir d'Kompétivititéit** vun den Gruppen, déi zu Lëtzebuerg hire Siège hunn.

2. *Aner Mesuren fir d'Entreprisen*

D'Entreprisen kréie **konkret Hëllefen**, fir mat der internationaler Konkurrenz besser mathalen ze kënnen, a méi kompetitiv ze ginn. Dat gëllt souwuel fir déi grouss, wéi och fir déi kleng Entreprisen.

- D'Dotatioun vum **Fonds de l'Innovation** geet 2019 +27% erop.
- Bis 2022 wäert de Staat 88,5 Milliounen EUR an **nei "Zones d'activités économiques"** investéieren, déi de Critèren vun der *Economie circulaire* Rechnung droen.
- Iwwert dee selwechten Zäitraum sinn all Joer an der Moyenne bal 90 Milliounen virgesinn fir **Hëllefen um Gebitt vun der Recherche an der Innovatioun**, awer och vun der Ëmwelt.

Ee vun deene wichtegste Facteure fir d'Kompetitivitéit vum Land an deenen nächste Joren ass d'**Digitalisatioun**.

- Hei innovéiert d'Regierung, mat der Schafung vun engem eegenen **Digitalisatiounsministère**. Ee vu senge Pilieren ass *den Centre des technologies de l'information de l'Etat* (CTIE), deem seng Dotatioun ëm 17% eropgeet.
- Wien vun Digitalisatioun schwätzt, däerf och **d'Cybersecurity** net vergiessen. An deem Sënn ginn d'Moyenen vu SMILE - Security made in Luxembourg, 2019 weider gestäerkt. Dëst ass och wichteg fir d'Finanzplaz. An Zäiten, wou **Fintech fir déi weider Entwécklung vun der Finanzplaz** een ëmmer méi e wichtege Rôle spillt, gëtt och de **Risk vun Cyberattaken** méi grouss. Dofir ass et wichteg, dass Lëtzebuerg sech mat den néidegen Kompetenzen, Servicer an Infrastrukturen dotéiert, fir **sech entspriechend verteidegen** ze kënnen.

*3. Fuerschung*

De Schlëssel, fir d'Kompetitivitéit vum Land op laang Siicht ze garantéieren, ass **d'Fuerschung.** Am Kader vum Plang "Lëtzebuerg 2020" soll bis 2020 op mannst 2,3% vum PIB an d'Recherche investéiert ginn. Vun dësen 2,3% wäert 1% vun der ëffentlecher Hand finanzéiert ginn, de Rescht mussen d'Entreprise bréngen.

- An deem Sënn geet **de Budget vum Ministère vum Enseignement Supérieur an der Recherche** em 8,5% erop, op ronn eng Hallef Milliard EUR.
- D'Contributioun vum Staat fir **d'Uni an den *Centres de Recherche*** geet 2019 ëm 7% erop op 352 Milliounen EUR.
- Fir d'Studenteboursen sinn 6,5% méi virgesinn.
- Weider Mëttelen sinn och fir de Fonctionnement an den Ausbau vum **Science Center zu Déifferdeng virgesinn**, wou déi Jonk een éischte Kontakt mat der Wëssenschaft kréie kënnen.

*4. Konsumenteschutz*

Fir d'éischte Kéier an der Geschicht gouf des Legislaturperiod ee **Ministère vun der Protectioun vun de Consommateure geschaf**. Ech halen *och dat* fir eng Mesure am Interêt vun der Kompetitivitéit vun eisen Entreprisen, well dëse Ministère dozou bäidroe wäert, **d'Qualitéit vum Service, deen d'Clienten erwarde kënnen**, nach ze verbesseren. De Kredit fir d'Protektioun vun de Consommateuren gëtt par rapport zu 2018 quasi verduebelt.

## C. E Budget vun der Nohaltegkeet

*Och op dësem Gebitt gesäit de Budget een Ensembel vu fiskaleschen a reng budgétaire Mesurë vir.*

1. *Fiskalesch Mesuren*

Eng Mesure déi ech schonn ënner *Digitalisatioun* hätt kënnen nennen, mä déi och zur Nohaltegkeet bäidréit, well se de Pabeierverbrauch reduzéiert, **ass d'Aféieren vun dem super-reduzéierten Taux vun der TVA vun 3% op allen digitalen Publikatiounen**. Dat ass eng Mesure, fir déi Lëtzebuerg op europäeschem Plang jorelaang agetrueden ass, a wou mer eis, zesumme mat aneren, elo endlech duerchsetze konnten.

Am Sënn vun der **Nohaltegkeet an der Landwirtschaft** wäert de reduzéierten Taux vun 8% an Zukunft och gëllen fir **biologesch phytosanitär Produiten**.

Am Kader **vum Accord vu Paräis iwwert de Klimaschutz** huet Lëtzebuerg sech engagéiert seng CO2 Emissiounen bis 2030 drastesch ze reduzéieren par rapport zum Niveau vun 2005. Zwee Drëttel vun dësen Emissioune kommen aus dem Stroosseverkéier. Dofir leet de Budget ee grousse Wäert op de weideren Ausbau vum ëffentlechen Transport.

Wéi am Koalitiounsaccord virgesinn, ginn och **d'Accisen op de Petrolsproduiten** ugepasst, ëm 1 Cent de Liter um Bensin an 2 Cent de Liter um Diesel.

Dat ass eng **ganz moderéiert** Hausse. Den Impakt um Niveau vum Budget wäert dofir och limitéiert sinn. **D'Ziel ass net, nei Recetten ze schafen**. D'Douane- an Acciseverwaltung rechent domat, dass ënnert dem Stréch net méi wéi 2,5 Milliounen EUR zousätzlech Recette wäerten erakommen. Vun deenen 1 an 2 Cent méi pro Liter, fléisst déi eng Halschent an de Klimafong, an déi aner an de Budget, wou se hëllefen, Investissementer a sozial Moossnamen ze finanzéieren.

**Dës Mesure huet eng kloer Symbolwierkung**. Lëtzebuerg huet sech als Ziel gesat, d'Consommatioun vu Petrolsproduiten net méi ze encouragéieren. An ech als Finanzminister wär och wéineg begeeschtert, wa Lëtzebuerg an Zukunft misst Strofe bezuelen, well mer eis Klimaziler net erreeche géifen.

An deem Sënn setzt sech d'Regierung och dofir an, d'Elektromobilitéit weider ze förderen. Ech erënneren hei un d'Primm vu 5.000 EUR fir Autoen, déi emissiounsfräi fueren. Bis 2020 sollen uechter d'Land och 800 Bornen installéiert ginn, fir Elektroautoen opzelueden.

2. *Aner Mesuren (Energie, Transport, Ëmweltschutz)*

a. *Energie*

Am Koalitiounsaccord huet d'Regierung sech engagéiert, op d'Ziel vun **100% erneierbaren Energien hinzeschaffen**. Fir des Erausfuerderung ze meeschtere gouf **e neie Ministère gegrënnt, den Ministère fir Energie a Landesplanung**, deem säin Optrag et ass, d'Energie-Politik ze koordinéieren.

D'Prioritéiten an der Energiepolitik leien haaptsächlech an der Promotioun vun der Energieeffizienz an am Ausbau vun den erneierbaren Energien.

**Am Budget sinn och finanziell Hëllefe virgesi** fir Firmen, déi an Beräicher täteg sinn, déi zur Entwécklung an zur Diversifikatioun vun eiser Ekonomie bäidroen. Den enstpriechende Montant am Budget geet vun 2018 op 2019 ëm +44% erop, a wäert haaptsächlech Firmen zegutt kommen déi **hei zu Lëtzebuerg a Wandenergie investéieren**.

*b. Transport*

De Budget vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten klëmmt 2019 **fir d'éischt Kéier an eiser Geschicht op iwwer 2 Milliarden EUR**.

Ee grousse Chantier do ass d'**Reform vum Busreseau**. An deem Kader sollen ënnert anerem nei **Express-Linen** geschaf ginn, fir d'Leit méi séier an d'Stad an erem eraus ze bréngen. Mat dëser Reform geet 2019 de Budget fir den ëffentlechen Service RGTR em +15% erop.

2019 wäerten och **weider grouss Investissementer um Niveau vum Fonds du Rail gemaach ginn**, deem seng Dépensen 2019 ronn 10% eropginn.

Eng vun de grousse Prioritéiten vun der Regierung bleift den **Ausbau vum Tram,** mat der Extensioun bis op den Findel an op d'Cloche d'Or.

Hei gëtt also **d'Offer vum ëffentlechen Transport ausgebaut a verbessert**, fir den Terrain virzebereeden fir d'Gratuitéit, déi den 1. März 2020 agefouert gëtt.

De **Käschtepunkt vun där Mesure** läit bei ronn 30 Milliounen EUR am Joer 2020; duerno all Joer bei ronn 40 Milliounen EUR. Dat si **gutt investéiert Suen**. Ee besseren a gratissen ëffentlechen Transport dréit dozou bäi, dass manner $CO_2$ ausgestouss gëtt, manner Staue sinn, an Lëtzebuerg an Zukunft <u>keng</u> Strofe bezuelen muss, well et seng international Engagementer net respektéiere géif.

*c. Ëmweltschutz*


D’Dotatioun fir **den Fonds pour la gestion de l’eau** geet par rapport zu 2018 em 20% erop. 2 Punkte schénge mer hei beschonnesch wichteg:

- De Budget, fir **Kläranlagen** ze renovéieren an nei ze bauen, bleift weider op engem héijen Niveau. Dank den Efforten, déi op dësem Gebitt an de leschte Jore gemaach goufen, muss Lëtzebuerg **vun dësem Joer un keng Strofe méi** op Bréissel bezuelen. Dat ass ee gutt Beispill, un deem ee gesäit, dass et fir ee Land séier deier ka ginn, wann et seng Engagementer net respektéiert. Dat ass och de Grond firwat mer beim Klimaschutz elo schonn konsequent Mesuren huelen, fir spéider net a sou eng Situatioun ze kommen.
- D'Risiken, déi mam Klimawandel verbonne sinn, hu sech déi lescht Joren däitlech gewisen. Dofir sinn am Budget 2019 och 11% méi virgesinn fir d’**Protektioun géint Iwwerschwemmungen**.

Ech wëll an dësem Zesummenhang och déi wichteg Roll ënnersträichen, déi eis Finanzplaz fir de Klimaschutz haut scho spillt. A muer nach méi. Iwwert d'Finanzplaz huet Lëtzebuerg d'Méiglechkeet wäit méi zum Klimaschutz bäizedroen, wéi d'Gréisst vum Land et eis soss erlabe géif. **D'Finanzplaz Lëtzebuerg ass haut ee Leader an der grénger an nohalteger Finanz.** Dat kënnt net vun ongeféier, mä ass d'Resultat vun enger ganzer Rei Initiativen, déi mir iwwer déi lescht Jore geholl hunn. Ech wäert ganz enk mat der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg zesummeschaffen, fir d'*Luxembourg Sustainable Finance Roadmap* ëmzesetzen. Par rapport zum Budget 2018 gëtt **d'Ënnerstetzung fir Aktivitéiten a Partnerschaften am Beräich vun der nohalteger Finanz** 2019 verduebelt.

**Wann een all d'Investissementer am Beräich Ëmwelt an Klima zesummen hëlt,** da ginn déi tëscht 2018 an 2022 em iwwer 50% erop (vun 455 Milliounen EUR am Joer 2018 op 710 Milliounen EUR am Joer 2022).

Graphique 3




**Ronn 20% vun allen Investissementer, déi de Staat 2019 mécht, sinn am Intérêt vum Ëmwelt- a Klimaschutz. Dës Proportioun wäert bis 2022 op bal ee Véierel eropgoen (23,3%).**

## III. Vue d'ensemble

*Ech hunn iech lo vill eenzel Budgetsposten opgezielt. Wéi gesäit dat dann am Ensembel aus ?*


### A. D'Depensen

Fir 2019 rechne mer mat **19,6 Milliarden Depensen** an der Administration Centrale. Eng Progressioun vun 5,8%.

Iwwert déi nächst Joren wäert dat awer **net an deem Rhythmus weidergoen**: am Joer 2020 klammen d’Dépensen nëmmen nach ëm +4,7%, 2021 ëm 5,6% an dann 2022 nëmmen nach 3,3%.

Vun all Euro, deen de Staat ausgëtt, sinn :

Graphique 4




05.03.2019

- 48% - also bal d'Halschent - fir **Sozialleeschtungen, Transferten, Subsiden a Subventiounen**. Et ass also effektiv ee Budget vun der sozialer Kohesioun a vun der Gerechtegkeet !
- 23% fir **Remuneratiounen**. Par rapport zu 2018 geet dëse Posten em 7% erop. Dëst erkläert sech virun allem duerch d'Ëmsetzen vum Accord Salarial an der Fonction Publique, an den Neiastellungen, déi fir 2019 virgesi sinn (950 ETP).
- 13% fléissen an **d'Investissementer**, déi dëst Joer fir d'éischt op iwwer 2,5 Milliarde klammen. Dat ass eng Progressioun vun iwwer 15% par rapport zum Budget 2018.

| | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Investissements directs (Formation de capital)........ | 1.146 | 1.330 | 1.336 | 1.335 | 1.467 | 1.596 |
| Investissements indirects (Transferts en capital) ..... | 591 | 581 | 680 | 735 | 756 | 962 |
| Total ………………………………………… | 1.737 | 1.910 | 2.016 | 2.070 | 2.222 | 2.557 |
| Variation.................................................................. | - | +10,0% | +5,5% | +2,7% | +7,4% | +15,1% |
| En % du PIB | 3,5% | 3,7% | 3,8% | 3,7% | 3,8% | 4,2% |

Note : Les chiffres de ce tableau sont exprimés en millions d'euros.

Vum ganze Budget si just :

- 8 % fir **d'Fonctionnementskäschten**. Op d'Period vun 2016 bis 2021 gekuckt, wuessen déi wäit manner wéi den Duerchschnëtt vun deenen aner Depensen.
- 7% fir **Transferten un d'Gemengen**.
- a just 1% fir **d'Zënsen, déi op der Staatsschold** ze bezuelen sinn.

*Éier ee Sue kann ausgi muss een se awer fir d'éischt mol verdéngen. Wéi ass d'Situatioun also bei de Recetten ?*

**B. D'Recetten**

Fir 2019 rechne mer mat **18,9 Milliarden EUR Recetten** an der Administration Centrale, eng liicht Hausse vun 1,6% par rapport zu 2018.

Fir déi aner Joren wäerten d'Recetten dann weider klammen: am Joer 2020 ëm +5,6%, ëm 5,9% fir 2021, an dann 2022 ëm 5,5%.

Déi Zuele muss een an hire Kontext setzen.

An de Joren 2014, 2015 an 2016 hu mer **bei de Recetten all Kéiers eng Punktlandung** fäerdeg bruecht par rapport zu de Previsioune vum Budget.

2017 an 2018 *par contre* hunn d'Recetten sech däitlech besser entwéckelt wéi virgesinn. Et wär elo awer **net verstänneg ze mengen, dat wär eng nei Normalitéit**.


Grad well mer **eng virsiichteg Budgetspolitik** maachen, gi mer fir dëst Joer net vun enger weiderer spektakulärer Hausse aus, mä just vun enger ganz moderater Entwécklung.

Dëst bréngt mat sech, dass mer dovunner ausginn, dass **2019 d'Depense méi séier wuesse wéi d'Recetten**. De **Schéiereffekt**, dee jorelaang positiv war, dréit deemno dëst Joer an d'Negatiivt. Dat ass **awer just temporaire**, well bis 2022 wäerten d'Recetten erëm méi séier wuessen wéi d'Depensen. Ech ginn herno nach méi genee op dee Punkt an.

**Wéi setzen d'Recetten sech zesummen ?**

An aner Wieder: wou kommen déi Suen hier, déi iwwert de Budget erëm verdeelt ginn ?

Graphique 5





- 47% aus den direkte Steieren;
- 38% aus den indirekte Steieren;
- 5% kommen aus soziale Cotisatiounen;
- 4% ginn vun den *établissements publics* bäigesteiert;
- 2% sinn Dividenden an aner Revenuen vu Propriétéiten;
- 1% kommen aus Loyeren a Redevancen;
- 4% kommen aus diverse Quellen.

# IV. E Budget vun der Wäitsiicht

Wann ech d'Recetten an d'Depensen géinteniwwer stellen, da kënnt dobäi een **Defizit vun 650 Milliounen eraus**. Dee geet d'Joren **duerno progressiv erof**, an 2022 leie mer da **erëm ganz no beim Equiliber**.

Graphique 6




**Natierlech wär et méiglech gewiescht**, sou wéi 2018, och 2019 an d'Joren duerno een equilibréierten Budget ze presentéieren. **D'Regierung huet awer de Choix gemaach**, sech u virsiichteg Projektiounen bei de Recetten ze halen, d'Investissementer héich ze halen, an och **am soziale Beräich weider Verbesserungen** ze bréngen.

An anere Wieder: **den Defizit am Zentralstaat erkläert sech an éischter Linn duerch d'Investissementer, d'Hausse vum Mindestloun a Steiersenkungen**. Dëst sinn awer sënnvoll Mesuren déi sech och ausbezuele wäerten, an de Wuesstem weider begleeden. An deem Sënn sinn d'Investissementer vun haut, d'Recette vu muer. Genee sou wéi d'Hausse vum Mindestloun vun haut, deene betraffene Leit hir Kafkraaft vu muer ass. An Steiersenkungen fir d'Entreprisen zu deenen hirer Kompetitivitéit, also neie Recetten fir de Staat, bäidroen.

***Ech hätt och kënnen ee Budget mat engem méi nidderegen Defizit virleeën**, andeems mer d'Recetten méi héich ugesat hätten. Wéi schonn d'Jore virdrun hunn ech awer léiwer eng virsiichteg Approche zréckbehal. 2018 hu mer mat engem wäit besseren Resultat ofgeschloss, wéi am Budget virgesinn. Dat ass och fir 2019 net ausgeschloss.*


D'Regierung huet **bewosst décidéiert**, de Spillraum, deen do ass, sënnvoll ze notzen. Fir déi néideg Investissementer ze maachen. A fir d'Kafkraaft vun deene Schwaachsten ze stäerken.

<u>Dass</u> dee Spillraum do ass, gesäit een un zwee Elementer : dem Solde vun der Administration publique an dem Solde structurel.

*Ech wäert dofir lo kuerz op déi 2 Punkten agoen, an dann op d'Schold ze schwätze kommen.*

1. <u>De Solde vun der Administration publique</u>

Graphique 7




Am Gesamtstaat, der Administration publique, bleift de Solde **d'ganz Legislaturperiod iwwer positiv**. Den Iwwerschoss läit 2019 bei 632 Milliounen oder 1% vum PIB, a geet da progressiv erop bis op 1,4 Milliarden oder 2% vum PIB am Joer 2022.

Wéi der wësst, setzt sech d'Administration publique zesummen aus **3 Deeler** :
- der Administration Centrale, iwwer déi ech elo am Detail geschwat hunn;
- den Administrations locales;
- an der Sécurité Sociale

**D'Administrations locales**, dat sinn d'Gemengen, d'Gemengesyndikater an hir Etablissements publics. Hei gesi mer iwwer déi ganz Period tëscht 2019 an 2022 all Joer een Iwwerschoss vu ronn 300 Milliounen EUR oder 0,5% vum PIB.


Bei der **Sécurité Sociale** wäerte mer all Joer bis 2022 een Iwwerschoss vun ronderëm enger Milliard EUR oder 1,6% vum PIB gesinn. Des gutt Resultater si gedriwwen vun der weiderhin **positiver Entwécklung um Aarbechtsmaart**. Par rapport zum Budget 2018 ginn d'Cotisatiounen dëst Joer doduercher ronn 5% erop.

2. <u>De Solde structurel</u>

De Solde structurel ass een ekonomescht, fir net ze soen, theoretescht Konzept. Et geet drëm, dee Solde ze rechnen, andeems een d'Effekter vum konjunkturellen Zyklus an den exzeptionellen Evenementer erausrechent.

D'europäesch Texter schreiwen vir, dass de Solde structurel iwwert engem sougenannten Objektiv à Moyen Terme (OMT) muss leien. Deen OMT gëtt **all 3 Joer festgeluecht**, an muss iwwert engem Minimum leien, deen d'europäesch Kommissioun virrechent.

Graphique 8



Fir Lëtzebuerg läit den OMT säit 2017 bei -0,5%. Dësen Taux gëllt nach dëst Joer. Vun 2020 bis 2022 läit en dann bei +0,5%. Dëst entsprécht dem Minimum, **deen d'Kommissioun frësch ausgerechent huet.** D'Regierung huet de leschte Freideg décidéiert, dee Wäert ze iwwerhuelen, sou wéi dat och an der Vergaangenheet de Fall war.

Deen neie Wäert vun +0,5%, dee vun 2020 u gëllt, ass och sou am Projet de loi iwwert de Budget pluriannuel festgehale.

Wat heescht dat dann elo par rapport zu eisem Solde structurel ?

| | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|
| Solde structurel | 2.6% | 0.9% | 0.8% | 1.1% | 1.8% |
| OMT | -0.5% | -0.5% | 0.5% | 0.5% | 0.5% |

Fir dëst Joer ass den OMT nach op -0,5% festgesat. Den Solde structurel läit mat +0,9%, also däitlech driwwer.

Fir d'Joren 2020, 2021 an 2022 wäert den OMT bei +0,5% leien. Mat 0,8%, 1,1% an 1,8% wäert de Solde structurel do awer ëmmer driwwer leien.


Des Zuele beleeën also, dass de Solde structurel zu all Moment iwwert dem OMT läit a Lëtzebuerg domat **déi europäesch Kritären vum Stabilitéits- a Wuesstemspakt zu all Moment - mat enger Marge de sécurité - erfëllt.**

*Esou kann een et och am Projet de plan budgétaire fier 2019 noliesen, deen d'Regierung leschte Freideg ugeholl huet an deen d'Eckwäerter vum Budget 2019 zesummefaasst. Dëst Dokument gëtt kuerz no dëser Presentatioun hei an der Chamber op Bréissel geschéckt.*

*Déi positiv Entwécklung, déi elo virdru beschriwwen hunn, spigelt sech och um Niveau vun der Dette, déi just ganz moderat wäert weiderwuessen.*

3. <u>D'Staatsschold</u>

Graphique 9




Wéi ech als Finanzminister 2013 ugetruede sinn, louch d'Staatsschold bei 23,7% vum PIB.
Enn 2018 louch se bei 21,4% - wat schonn **eng nette Baisse** par rapport zu 2013 war.
Enn 2019 wäert se bei 20,2% leien.
Bis 2022 wäert d'Schold kontinuéierlech bis op 18,4% erofgoen.

Si läit also **och weiderhin ëmmer ënnert der Limite vun 30%,** déi d'Regierung sech an de Programm geschriwwen huet. An nach méi wäit ënnert der europäescher Limit vu 60%.

Am Verglach mat eisem Räichtum, also mam PIB, geet d'Schold also weider **konsequent erof**.

Ech weess, dass eng Rei Leit heibannen soe wäerten, dass dat wuel richteg ass am Verglach mam PIB, **awer net an absoluten Zuelen**. Dat stëmmt. Ech well awer ënnersträichen, dass **weder am viregten, nach an dësem, Koalitiounsprogramm** steet, dass d'Regierung d'Schold an absoluten Zuele wéilt erofsetzen.

An Zäiten, wou mer **d'Zënsen historesch niddereg** sinn, a Lëtzebuerg duerch säin AAA excellent Konditiounen op de Mäert kritt, kann de Staat sech sou bëlleg refinanzéieren wéi scho laang net méi. 2019 wäert **d'Zënslascht op de Scholden** souguer nach eng Kéier 15,6% ënnert dem Niveau vun 2018 leien.

Gläichzäit ass et **néideg, weider ze investéieren**, fir de Wuesstem ze begleeden. All Euro, dee mer elo géifen huelen fir Scholden zréckzebezuelen, géif eis feelen fir ze investéieren. Mir géifen also **kuerzfristeg net vill spueren, mä dofir laangfristeg nei Problemer schafen**.

An Zäiten, wou d'Zënsen niddereg sinn, ass et sënnvoll, een Deel vun den Investissementer iwwer Kredit ze finanzéieren. Dofir wäert d'Schold an absoluten Zuelen bis 2022 eropgoen. **Awer nëmme liicht**. Vun 12,5 Milliarden Enn 2018 op dann 13,2 Milliarden.

***Ronn d'Halschent vun deenen 11 Milliarden, déi d'Regierung 2013 geierft huet, muss am Laf vun dëser Legislaturperiod refinanzéiert ginn****. Dat wäert sécherlech net an engem Block, mä an e puer Tranche geschéien. Meng Equipe hält d'Liquiditéite vum Staat an d'Mäert genee am A, fir ze gesinn, wéini et opportun ass, ze agéieren.*

## V. D'Zuelen no der Comptabilité de l'Etat

Ech hunn meng Presentatioun bis ewell no den Zuele laut der europäescher Comptabilitéit gemaach, SEC2010.

Sou wéi d'Gesetz dat virgesäit, wëll ech iech awer och nach d'Zuelen laut der lëtzebuerger Comptabilitéit - dem Gesetz vun 1999 - presentéieren.

**Béid Presentatiounen widderspriechen sech net. Si sinn komplementar**. Leider ginn et regelméisseg Mëssverständnesser an onnéideg Polemiken, well d'Zuelen no béide Methoden net déi selwecht sinn.

**Souwuel d'Chamber, wéi och d'Cour des Comptes an de Staatsroot,** haten dofir gefrot, fir déi 2 Norme méi no uneneen erun ze féieren. Iwwer déi lescht Méint huet d'IGF sech vill Aarbecht gemaach, fir där Demande nozekommen. Ech hunn déi Initiative vun Ufank un ënnerstëtzt, a wëll der IGF, der Trésorerie an de Leit am Ministère Merci soen fir hir Efforten op deem Gebitt.

Am Text vum Budget sinn d'Changementer am Detail beschriwwen. Dës Aarbechten sinn awer komplizéiert, a wäerten nach iwwert déi nächst Méint a Joren weidergoen. D'Resultater kënne sech awer elo scho weise loossen.

**Duerch de Rapprochement** ginn 1084 Milliounen, déi virdrun anescht komptabiliséiert goufen, elo mat an de Budget eran geholl. Doduerch ginn d'Recetten 7% an d'Dépensen 6,6% erop. **Den Ennerscheed vun den Zuelen** tëscht deenen zwou Methoden geet vun 16% op elo 11% erof. Während den Écart tëscht deenen 2 Presentatiounen um Niveau vum Solde bis 2018 nach bei enger Milliard louch, konnt en elo schonns op 200 Milliounen (2019) reduzéiert ginn.

Dëse Rapprochement suergt fir **méi Transparenz a Vergläichbarkeet**, an doriwwer kann ee sech freeën.

Déi Changementer, déi dëst Joer gemaach goufen, bréngen mat sech, dass d'Zuelen vun 2018 an 2019 net direkt mateneen ze vergläiche sinn.

*Wou sti mer haut, no der aktueller Presentatioun no der Comptabilitéit vum Staat?*

**Budget total**

| | |
|---|---|
| Recettes .......................... | 16 601 459 569 (16,6 Mia) |
| Dépenses ........................ | 17 416 626 569 (17,4 Mia) |
| Solde ....................... | -815 167 000 (ronn 800 Mio) |

## VI. Conclusioun

D'Zuele weisen, dass d'Regierung déi **2 budgetär Objektiver**, déi se sech am Regierungsprogramm ginn huet, erfëllt :
- de Respekt vum Objectif à moyen terme (OMT),
- de Respekt vun der Limit vun 30% Verschëldung.

Domat ass och **den AAA ofgeséchert**, deen ee Garant ass fir d'Attraktivitéit vum Land an d'Vertrauen vun den Investoren.

Well et ass nëmmen, wa Lëtzebuerg och an Zukunft attraktiv ass, a fir Vertraue suergt, dass **genuch Steierrecetten** erakommen, fir **eise Sozialstaat** ze finanzéieren, dee mat dësem Budget nach **weider ausgebaut** gëtt, an déi Investissementer maachen, déi néideg sinn, fir **d'Liewensqualitéit vun de Bierger** héich ze halen.

2018 hu mer am Zentralstaat am Equiliber ofgeschloss. **2019 wäerte mer awer erëm een Defizit hunn**. Ech hunn iech virdru gewisen, dass mir deen Defizit am Grëff hunn, an bis Enn vun dëser Legislaturperiod rëm no beim Equiliber sinn. Dat setzt awer viraus, dass de Staat och **weiderhin responsabel mat de Steiersuen ëmgeet**, an déi néideg Disziplin bei den Dépensen beweist.

Eng équilibréiert a responsabel Budgetspolitik heescht och, déi **néideg Investissementer** ze maachen, sou wéi dat am Regierungsprogramm virgesinn ass.

2019 ginn d'Investissementer **fir d'éischte Kéier op iwwer 2,5 Milliarden** erop, oder 4,4% vum PIB. Dat läit wäit iwwert der EU Moyenne vun 2,9%.

Graphique 10




Och fir d'Joren drop bleiwen **d'Investissementer op Rekordniveau**, a wäerten 2021 fir d'éischt Kéier iwwer 3 Milliarde leien. Dës Zuelen ënnersträichen, dass d'Regierung dës Legislaturperiod wäert konsequent weiderfueren mat der **Modernisatioun vum Land** a sengen Infrastrukturen, **am Intérêt vun de Bierger**.

**Dëse Budget stellt d'Weiche richteg fir déi nächst 5 Joer.**

Ech soen iech Merci.